

Budget 2018 – Enseignement fundamental

Ier ech am folgenden op de Budget a Bezuch op den Enseignement ze schwätze kommen, wéilt ech nach e puer Wieder zum Budget allgemeng lassgin. E Budget dee fir mech zukunftsorientéiert an duerchduecht as, deen transparent as, e Budget an deem jiddferee sech kann erem fannen. D'Politik déi an deene leschte Joëre gemaach gin as, erméiglecht et der Majoritéit elo fir 2018 nei a flott Projet'en unzegoen, déi d'Gemeng Munneref weider valoriséieren an d'Liewensqualitéit nofir bréngen.

Och a Bezuch op den Enseignement sin dës Linnen am Budget erëmzefannen. Der Croissance vun der Populatioun get Rechnung gedro, a sou steet am Budget vun 2018 de Financement vum Avant-projet détaillé fir den Ausbau vum Schoulkomplex Grande-Duchesse Maria Teresa mat 100.000€ dran. Et soll gekuckt gin wéi an wou dës Vergréisserung machbar as. D'Majoritéit denkt un d'Zukunft a gesäit elo de richtegen Abléck fir dës Vergréisserung unzegoen, wou se nach net direkt noutwenneg ass.

Am selwechte Sënn fënnt dann och den Avant-projet détaillé fir d'Extenssioun vun der Sportshal Roll Delles seng Plaatz. Och hei gesäit d'Majoritéit eng 100.000€ fir, fir d'Sportshal esou kënnen ze vergréisseren, dass souwuel d'Schoul méi Plage ka benotzen, wéi och d'Klibb aus der Gemeng. Respektiv aner Klibb, déi bis elo nach net d'Méiglechkeet haten, och kënnen vun der Sportshal ze profitéieren. Eis as et dobäi wichtig, dass d'Sportshal déi am Zentrum vum Duerf läit och do ka bleiwen a méiglechst villen Awunner esou einfach accessibel bleiwt. Dëst natiirlech fir verschidden Verainer, mee awer natiirlech och fir die emmer mei grouss Zuel vun Cours collectifs déi mer am Zentrum vu Munneref hun.

Fir de Fonctionnement vun der Ecole fondamentale am Alldag kënnen ze garantéieren as och e grouss Montant am Budget 2018 virgesin. Sou stin eng ronn 71.000€ (70.880€) am Budget fir de ganze Volet Schoulbicher fir d'Kanner, sou wéi och weidert didaktescht Matériel fir déi eenzel Cyclen, net ze vergiessen d'Schoulbibliothéik, awer och d'Sportsmaterial, d'Bastelmateriel an d'Material fir de Musekssall.

Dobäi kommen och eng Rëtsch vu Punkten, déi no baussen hin net ëmmer sou visibel sin, wéi d'Locatioun an den Entretien vum ganzen Informatikpark vun der Schoul, fir deen 90.500€ virgesi gin. Ofgesin vun Serveren a Kopiesmachinnen, souwéi Beameren, déi aus dem Schoulalldag net méi ewech ze denke sin, get dës Volet ëmmer méi wichtig an der Schoul, well verstärkt den Emgang mat den neie Medie gefuedert get.

An deene leschte Joëren sin hei och emmer erem interaktiv Tafelen ugeschaaft gin, sou datt d'Schoul méttlerweil insgesamt 2 mobil an 3 fix Tafelen huet. Och am Budget 2018 as erem mat ronn 17.000€ d'Uschaffen vun 2 neien interaktiven Tafelen virgesin.

E wichtige Punkt am Budget 2018 a Bezuch op den Enseignement as och d'Acquisitioun vun neie Bänken a Still fir d'Schüler. Sou müssen 20 Bänken an Still vun enger Klass ersat gin, et as hinnen nämlech sou lues eng gewëssen Altersschwächt unzemierken. Do derniewt müssen 2 Klassen ganz nei mat Bänken a Still équipéiert gin. An der selwechter Funktioun am Budget stin och d'Acquisitioun vu Miwwelen an eiser Schoul, hei haaptsächlech, wéi och schon d'lescht Joer, fir Canapéen ze kaafen. Hei ware jo verschiddener an der Schoul erem ze fannen déi net den Normen, besonneg waat d'Brandgefor ugeet, entsprach hunn. Am Budget sti fir dës Acquisitiounen eng ronn 50.000€.

Ech bleiwe beim Thema Sécherheet a kommen op eng Circulaire ministérielle vu virun 3 Joer ze schwätzen. Fir d'Sécherheet vun de Schüler get hei gefuedert, datt d'Schoulgebaier während de Schoulzäiten ëmmer ofgeschloss sin. D'Majoritéit dréit dëser Circulaire och weiderhi Rechnung an baut den neie Schlësselsystem am ganze Schoulkomplex aus. Sou wäerten an Zukunft déi elektronesch Schlässer mat engem Badge kënnen opgemaach gin, a sou nëmmen nach d'Leit an d'Schoul kommen, déi dozou autoriséiert sin.

Mir kommen och den Ufroë vum Léierpersonal no a gesin dofir am Budget eng ronn 30.000€ fir, fir am Schoulhaff vum Précoce a Préscolaire zwee Sonneseegelen ze setzen an et sou de Kanner ze erméiglechen trotz dës Reens oder staarker Sonn kënnen eraus an d'frësch Loft ze goen während hiere Pausen.

En anere wichtege Volet am Artikel Enseignement fondamental vum Budget as d'Schwammen. D'Schwammen wäert d'Gemeng dëst Joër circa 96.000€ kaschten, e Montant dee méi héich as, wéi dat an der Vergaangenheet war. Dobäi muss een awer bedenken, datt dem Schoulgesetz vun 2008 no eng gewësse Formatioun vun de Schwammmeeschtere verlaangt get. Eis lëtzebuergesch Schwammmeeschteren zu Beetebuerg hun all dës Formatiounen an d'Ausbildung. An Däitschland as awer d'Legislatioun aanescht, sou datt mir duerch de Wiessel op Beetebuerg rechtlech gesin als Gemeng elo ofgeséichert sin.

Dës Somme as eng weider Motivatioun fir de Bau vun der neier Schwämm zu Munneref, vun där da souwuel eis Schoulkanner, awer och déi aus den Nopeschgemengen, sou wéi och d'Lycéesschüler, a privat Léit kënnen profitieren.

E Wuert nach zum Schoultransport, fir deen 160.000€ am Budget agedroe sin. D'Reorganisatioun vum Schoultransport huet dozou gefouert, datt konnt ee Bus agespuert gin. Desweideren soll de Projet Pedibus am 3. Trimester nach eemol lancéiert gin fir ze kucken ob de Succès dës Kéier vläit méi grouss as. En vue vum Ofschloss vun den Embau- a Sanéierungsarbechten vun den Stroossen am Zentrum zu Altwies, déi bis 2019 dauere sollen, wäert dono och d'Méiglechkeet bestoen, datt de Schoulbus kann duerch den Zentrum vun Altwies fueren, an net nëmme wéi bis elo, ënnen op der Haaptstroos stoe bleiwt. Zur selwechter Zäit, wäert och den Artikel, esou wéi de Lex Delles et schons erklärt huet, fir d'Surveillance vun den Enseignant'en am Bus op 14.000€ eropgesaat gin. Hei geet et em déi Zäit déi d'Enseignanten d'Surveillance um Trajet am Schoulbus maan, déi direkt vun der Gemeng un d'Enseignant'en ausbezuelet get.

Et wäert also och am Budget 2018 villes passieren, fir datt de Schoulalldag ouni weider Probleemer kann oflafen.

E groussen Atout fir de Projet „Badbëschelchen“ mam Scoutschalet as awer och d'Integratioun vun Dortoiren an engem Kllassesall, déi et erméiglechen fir op dësem Site „classes vertes“ unzebiden. Fir d'Konstruktion vun dësem Chalet stin am Budget 1.500.000€. D'Gestioun vun dësem Site soll dobäi iwwert d'Scoute lafen. Schouklasse fannen hei e ganz flotte Site fir, dee fir divers Aktivitéite ka benotzt gin. Zudeem as de Parc net wäit ewech, dee mat Fliigermusée, Kino, Pedalo a Golf och eng Attraktioun fir Kanner as. Net ze vergiessen déi vill kulturell a sportlech Méiglechkeeten déi Munneref nach sou bidd. Et as eng Méiglechkeet och jonkem Publikum Munneref virzustellen.

E leschte wichtege Punkt am Enseignement as de Bau vum neie Lycée. Heizou kënnen mir als Majoritéit soen, jo, mir si prett fir déi provisoersch Struktur vum Lycée kënnen ze préfinanzéieren. Am Budget stin eng 2.370.000€ fir Infrastrukture- a Stroossenaarbechten um Site „Gremelter“, sou wéi awer och d’Locatiounsfrais’en fir d’Containeren fir déi provisoersch Struktur vum Lycée, wat eng 1.760.000€ ausmécht. Dobäi wësse mir, datt mir dës Sommen intégral vum Staat zrëckbezuelt kréien, et also just e Virstrecke vu Geld as, wat et dem Lycée géif erméiglechen, schons fir d’Rentrée 2018 mat vereenzelte Klassen seng Dieren opzemaachen. Eis Gemeng ass also prett, un eis kann a soll et définitif net leien.

Fir ofzeschlësse wëll ech soen, dass am Budget fir 2018 wierklech gekuckt gin as wou d’Besoin’en vun der Schoul leien a wou et méiglech as ze agéieren. Lo geet et dorëms esou gudd wéi méiglech dës Projeten emsetzen an dëst a gudder a fructuéiser Zesummenaarbécht vun alle Säiten.

E grouse Merci deene Leit, déi sech vill Méih beim Erstelle vun dësem Budget gemaach hun. A jiddferengem heibannen schéi Feierdeeg.